N° 7690
Entrée le 23.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister, op d'parlamentaresch Fro n°7690 vum 1. Mäerz 2023 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

1. Et läit net an der Zoustännegkeet vun der Regierung ze jugéieren ob de "porte-à-porte", esou wéi en am Artikel vum 20. Januar 2023 ugeschwat gouf, géint d'Verbuet vum Artikel 95, Alinea 4 vum Walgesetz verstéisst. Dëst ass eleng d'Kompetenz vun der Justiz a notamment dem Parquet, deen iwwer e méiglechee Verstouss géint d'Gesetz an d'Opportunitéit vun de Poursuitten entscheet. Eng Stellungnam vun der Regierung géif géint de konstitutionelle Prinzip vun der Gewaltentrennung verstoussen.

2. Et ass ausser Fro dass d'Ëmstänn, déi deemools bei der Adoptioun vum Artikel 95, Alinea 4 vum Walgesetz (ursprénglech den Artikel 236 vum Gesetz vum 31. Juli 1924) bestan hunn, evoluéiert hunn. Dat gesot bleift d'Fro vun der Verfassungsméissegkeet vun enger legaler Dispositioun eng exklusiv Kompetenz vun der Justiz. Méi präzis gëtt dës Fro nëmmen am Kader vun enger prejudizieller Fro vum Verfassungsgeriicht tranchéiert. Och hei géif eng Stellungnam vun der Regierung géint de konstitutionelle Prinzip vun der Gewaltentrennung verstoussen.

Lëtzebuerg, den 22. Mäerz 2023
De Premierminister, Staatsminister
(s.) Xavier BETTEL